N°2102
Entrée le 17.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

D'Regierung well méi bauen a méi séier bauen an huet dofir d'lescht Joer am Juni verschidde Moossnahmen ugekënnegt, dorënner den *nouveau partenariat public-privé (PPP) pour la réalisation de logements abordables.*
Heirënner fale folgend Iddien:

- Réalisation de projets pilotes sur terrains privés ;
- Réalisation de projets pilotes sur terrains privés pour logements salariés ;
- Réalisation de projets pilotes sur terrains publics :
- Procédures relatives à l'acquisition de logements en vente en l'état futur d'achèvement (VEFA) par l'État.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit den aktuelle Stand vun de Pilotprojeten aus? Kann de Minister d'Projeten oplëschten?

2. Wéi eng Projete ginn aktuell gebaut a wéi vill Projete ginn haut scho fir d'Wunne genotzt?

3. Am Staatsbudget 2024 hat d'Regierung sech mat 222 Milliounen virgeholl, fir proaktiv Immobilieprojeten opzekafen (VEFA) fir esou d'Unzuel un erschwéngleche Wunnengen an ëffentlecher Hand signifikativ opzestocken.
    - Wéi vill Wunnenge goufen 2024 kaf a wat huet de Staat dofir bezuelt?
    - Wéini kënnen dës Wunnenge bewunnt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten